


3. August 2024 / 80

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Eis Newsletter weist iech Stëmmung, schaffen a Spaass vun eiser Delegatioun, déi op Olympiade zu Borgo Valsugana (Italien – Trentino) waren.




No Trentino 2024 ass virun Berlin 2026




# Deutscher Feuerwehrverband

Spitzenleistungen, Emotionen und Freundschaft über Grenzen hinweg: Mehr als 3.500 Feuerwehrangehörige aus aller Welt treffen sich 2026 in Berlin zum Feuerwehr-Sommermärchen in der deutschen Hauptstadt! Die Delegiertenversammlung des Weltfeuerwehrverbandes CTIF (CTIF Fire & Rescue News) hat nun in Oslo den Zuschlag an die Berliner Feuerwehr und den Deutschen Feuerwehrverband vergeben. Vom **19. bis 26. Juli 2026** werden in Berlin die 18. Internationalen Feuerwehrwettbewerbe und die 25. Internationale Jugendfeuerwehrbegegnung der Internationalen Vereinigung des Feuerwehr- und Rettungswesens stattfinden. Damit können Feuerwehrangehörige aus mehr als 30 Nationen sich nicht nur im sportlichen Wettbewerb messen, sondern auch die einzigartige Atmosphäre, vielfältige Kultur und Berliner Gastfreundschaft erleben!
https://www.feuerwehrverband.de/feuerwehr-sommermaerchen.../

**Merci am Numm vum JFA!**

Excellent Resultater vun eiser Jugend aus Borgo Valsugana



Lëtzebuerg 1 : Plaz 14 vun 41
Lëtzebuerg 2: Plaz 28 vun 41
Equipe Internationale 4: Plaz 20 vun 41

Wertung Vetter Cup
Lëtzebuerg 1: Plaz 18 vun 60
Lëtzebuerg 2: Plaz 44 vun 60
Equipe International 4: Plaz 30 vun 60

**Villes iwwert déi Woch fand dir bei eis op der Facebook-Säit "Letzebuerger Jugendpompjeeën".**
Vill Spaass beim kucken.

https://www.facebook.com/Jugendpompjeeen/videos/470659152576983 > De Video Virstellung Natioun:
https://www.ctif2024.com/de/
https://www.facebook.com/ctif2024official.

De Merci vum Präsident vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën:

Elo geet eis Rees hei an Italien esou louss op en en, Competitioun sinn fäerdeg a Resultater bekannt.

Ech wollt hei mat jidderengem den dobäi bäigedroen huet dat mir mat de Jugendpompjeeën un dësen Internationale Concours deelhuelen konnten Merci soen.

Den Trainer, deenen Verantwortlech vum CGDIS, deenen Verantwortlech vun eiser Federatioun, Kolleegen aus dem Presidium vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën an all déi am Hannergrond gehollef hunn MERCI vir äert Engagement oder dir mat Material oder Moralesch gehollef hutt ouni iech all hätten eis Jugendpompjeeën dës flott Woch net konnten erliewen.

Resultater vun eisen zwou Equippen loossen sech mei wei just nëmmen weisen si sinn excellent dir huet Lëtzebuerg an och de CGDIS an Jugendpompjeeën mei wei wierdeg hei vertrueden drop kënnt dir Houfreg sinn.

Roude Leif huel se, Mir sinn Lëtzebuerg (Motivatioun Sätz vun eisen zwou Equippen)
Ech hoffen dat mir eis zu Berlin 2026 och kennen esou präsentéieren.
Mat frëndleche Gréiss

Frank Hermes

Wieder vum Generaldirekter Paul Schroeder un lëtzebuerger Delegatioun:

Eis Lëtzebuerger Jugendpompjeeën hu bei der #CTIF Olympiade am Trentino op der ganzer Linn iwerzeecht!
Net nëmmen hu sie super Resultater erzielt, nee, sie hunn an hierer Präsentatioun souwuel d'Lëtzebuerger Land, wéi och d'Aarbecht vun eise Pompjéeën op eng originell a flott Manéier präsentéiert!

Bravo!
Mir sinn houffereg op iech!

Félicitatioun fir déi gutt Resultater an déi gutt Aarbecht vun Iech alleguer!

Paul Schroeder



Equipe Lëtzebuerg 2

Equipe Lëtzebuerg 1






Equipe International 4, wou den Reservemann vun der Equipe Lëtzebuerg 1 deelgeholl huet.




De Lëtzebuerger Stand am Zentrum vun Borgo Valsugana. Hei kruten d’Leit Gadgeten, Lëtzebuerger Viez a Lëtzebuerger Quetschenkraut verdeelt.



Op Besuch an Italien waren etlech Elteren vun eisen Kanner ewéi och eis Éierepresidenten a Memberen aus dem JFA.

Check hands virum Utrieden tëschend der Equipe International 4 a Equipe Ukraine.





Bild vun der Ofschlossfeier den 27.07.2024




Empfang vun eisen 2 Equipen zou Zolwer beim CIS SaDiff,

ewéi och zou Lëntgen beim CIS Lëntgen.






**<u>Aus eisen Sektiounen 😉</u>**



**Centre d'Incendie et de Secours Bertrange-Strassen**

Vum 5/07 op den 6/07 haat eis Jugend fir eischt keier eng 12 Stonnen Übung. Sie konnte sech ee Bild machen waat et heescht an der Nuecht musse op ze stoen fir op een Asaz. Sie goufen geint 22h30 op eng am Besch vermesste Persoun geruff.

Ee grousse Merci geet un eis Jugend dei daat super gemeeschtert huet. Ee Merci geet och un eis Jugendleeder, Helfern an un d'Memberen dei sech zeit geholl hun fir bei desser Übung deel zehuelen.

Awer ee grousse Merci geet un d'Elteren vun eiser Jugend fir den vertrauen deen sie un eise Staff hun.



**Jugendpompjeeën Niederanven-Schuttrange**

En opreegenden Moien mat den Jugendpompjeeën an dem CYNO!

Mir haten déi grouss Geleeënheet, den Cyno bei eis ze begréissen. Si hunn eis en spannenden Abléck an hir wichteg Aarbecht mat den Hënn ginn. Eis jonk Pompjeeën ware begeeschtert a konnten vill léieren a selwer probéieren. E grousse Merci dofir un d'Cyno-Team vum CGDIS, dass si sech d'Zäit geholl hunn, fir eis ze besichen an eis hir faszinéierend Aarbecht méi no ze bréngen.








**Jugendpompjeeën Reiden**

Lescht haten eis Jugendpompjeeën genuch ze schaffen op hirer 12 Stonnenübung.



Een groussen Merci un den CIS Mäerzeg vir bereetstellen vun den Victimen. Dann och nach een groussen Merci un Annick Folschette vir des super Fotoen. Kanner hatten all een riesen Spass. Kanner konnten sou bessen den Alldag vun engem Pompjee erliewen.

**Centre d'Incendie et de Secours Kehlen**

Vum 13/07 bis de 14/07 war vir d'Jugendpompjeeën aus dem CIS Kielen ee grousse Weekend. Et stoung nämlech d'24h Übung um Programm wou si iwwert déi zwee Deeg verschidden Asazszenarioen ofgeschafft ginn, um alldeeglechen Zenterliewen deelgeholl an och am Zenter geschlof hun. Déi jonk zwechend 8 an 16 Joer hun iwwer déi zwee Deeg net manner wéi 12 Asätz ofgeschafft. Dëst am SAP Beräich (Secours à Personnes) souwéi am INCSA Beräich (Incendie et Sauvetage) wou si d'Menscherettung, d'Patienteversuergung, d'Brandbekämpfung oder d'Oofschaffen vu Verkéiersaccidenter ënnert realistesche Conditioune konnten ofschaffen. Fir d'Jugendpompjeeën een erfollegräiche Weekend!




**Jugendpompjeeën CIS Ermsdorf**


Mir waren mat 3 vun eisen Kanner an Jugendlechen op Consdorf op den Camp.



Deen war vun dem Méinden dem 22.7.2024 bis den Samsten 27.7.2024.
Mir sin mam Kayak vun Dillingen bis op Echternach gefuer, mir waren mir op Tréier an den Tampolino an dono op Bitbuerg Bowling spillen.
Donneschtes war dann een relaxen Dag, wou mir Sport haten an Workshops iwwert d 'Gefierer. Owes sin mir dunn nach op eng Nuetswanderung vun +-5 km gaangen
Freides sollten mir en rally hun, mee wengst dem Reen ass deen and Waasser gefall an mir hun dunn einfach een Spillnometten mat 18 Spiller gema.




5. VÖLKERBALL
JUGENDTOURNOI
JUGENDPOMPJEEËN REGIOUN ZENTRUM
19. OKTOBER 2024
UFANK 8.30 AUER
ZU BROUCH AN DER SPORTSHAAL
Fédération Régionale des Pompiers CENTRE
UMELDUNG PER MAIL: DESIREE.THILGEN@GMAIL.COM BIS DEN 30.09.2024


JOURNÉE
NATIONALE
DE LA SÉCURITÉ CIVILE
LAC D'ECHTERNACH
22 SEPTEMBRE • 10H00-18H00
112
CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS
www.112.lu

Fir dass mir och am nächste Magazinn 112 är spaassegst Momenter aus de Summercamp’en vun de Jugendpompjeeë kënnen deelen, invitéiere mir iech eis och dëst Joer rem vill flott Fotoe vun de jeeweilegen Aktivitéiten bis den 15. September 2024 op communication@cgdis.lu ranzeschécken.









**Feuerwehr-Sommermärchen 2026: Spitzenleistungen und Emotionen bei Wettbewerben des Weltfeuerwehrverbandes in Berlin**

**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da gitt eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068